# “Huelt iech är Zukunft zeréck”!

*Pressematdeelung zum ADRenalin-Nationalkongress*

Ënnert dem Motto “Huelt iech är Zukunft zeréck” huet d’ADRenalin – Déi Jonk ADR e Samschdeg, den 11. Februar, op der “Mamer Plage” hiren Nationalkongress ofgehalen. Souwuel d’Presidente vu Partei a Fraktioun, Fred Keup a Fernand Kartheiser, de Generalsekretär vun der Partei Alex Penning an de Südpresident Luc Reyter, wéi och den honorabelen Deputéierte Roy Reding hunn d’Jugendorganisatioun duerch hir Presenz als Éieregäscht ënnerstëtzt.

Nieft dem administrative Volet (Aktivitéitsbericht, Ännerung vun de Statuten asw.) gouf och en eegene Grondsazprogramm ugeholl an en neie Kommitee gewielt.

De Kongress gouf vu flotte politeschen Interventioune vu verschiddenen ADRenalin-Memberen zu den Theeme Gesondheet, Kafkraaft souwéi bannenzeg Sécherheet fir Mënsch an Déier begleet. De feierlechen Héichpunkt vun der politescher Diskussioun huet eng Gaaschtried vum ADR-Fraktiounspresident Fernand Kartheiser zum Thema “De Westen virum Ëmbroch?” duergestallt.

Sämtlech Riedner waren sech eens, datt d´Gambia-Parteien d´Land déi lescht zéng Joer duerch e Verbëtze vun der ekonomescher Substanz, der Kapitulatioun a punkto bannenzeger Sécherheet bei enger gläichzäiteger Demontage vun eise Grondrechter souwéi baussepolitesch Eskalatioun an eng multipel Kris gefouert hunn. Falls dës Politik net schnellstméiglech gestoppt gëtt, wäert se sech déi nächst Jore katastrophal op d’Liewenssituatioun vun der Lëtzebuerger Jugend auswierken. Weider huet och Konsens doriwwer bestanen, datt vun der CSV als gréisster Oppositiounspartei näischt anescht wéi e Weider-sou vun der aktueller Politik ze erwaarden ass. Eenzeg d’ADR verfüügt iwwer d’Potenzial, de Lëtzebuerger am Hibléck op den 8. Oktober eng Alternativ ze bidden, déi den Numm och verdéngt. Déi eenzel Virträg ginn an den nächsten Deeg op de soziale Medie vun der ADRenalin publizéiert.

Déi nei Ekipp setzt sech folgendermoossen zesummen:

- Maksymilian Woroszylo – President
- Gustavo Teixeira – Vizepresident
- Jang Modert – Generalsekretär
- Kevin Serafini – Keessjee
- Alex Rasquin – Member
- Kathrin Wolff – Member
- Melvin Weiss – Member
- Nathalie Bossi – Member